# Positioun vun der CSV Süden zum Dokument
# « Perspektiven für eine moderne und lebendige Volkspartei »

De Comité vun der CSV Süden huet sech mat der Analyse an de méigleche Reformpisten aus dem Pabeier Glesener/Thewes ausernanergesat an no intensive Berodungen an Diskussiounen huet mir folgend Punkte festgehalen.

## 1. Inhalter a Programm

D'CSV gesäit sech als Vollekspartei a muss dësem Usproch inhaltlech a programmatesch gerecht ginn. Duerfir sollen d'Inhalter vum Grondsazprogramm zesumme mat de Memberen diskutéiert an eventuell iwwerschafft ginn. Dobäi musse Respekt a mënschlech Wäerter priméieren.

An dem Kontext vermëssen eng Rëtsch Parteimembere eng däitlech politesch Ausso a froen no enger méi klorer Positioun.

E vun de wichtegste Punkte bleift de Parteinumm méi präzis ze erklären. Firwat stinn di dräi Buschtawen?

***Den „C"***

Den „C" ass net almoudesch oder iwwerlieft, neen, hien ass an eiser Zäit méi gefrot wéi jee.
Den „C" muss stoen:

- als Synonym fir déi chrëschlech Sozialléier, dat heescht als éischt fir Respekt an Toleranz.
- Den „C" ka stoen:
- fir Chance, Chancëgläichheet, Changement oder Charakter,
- esou guer fir „Coolness" (awer sécher net de Porte-Parole vun iergendenger Glaawensgemeinschaft).

Mir bréngen et fäerdeg, grad wéinst dem „C“, eis vun deenen aneren Parteien ze differenzéieren.

***Den „S“***

Den „S“ steet:

- op éischter Plaz fir sozialen Engagement,
- fir eng sozial Politik,
- fir den Zesummenhalt, déi sozial Kohärenz a Gerechtegkeet.

***De „V“***

Mir sinn eng Vollekspartei wou all gesellschaftlech Schichte mat abezu sinn, sou dass mer gedanklech wéi awer och inhaltlech an der politescher Mëtt solle stoen.

## *2. Strukturen*

Grad wéinst dem „V“ musse Parteimembere – nach méi wéi bis elo – an déi politesch Meenungsbildung an an all Decisioune mat abezu ginn.

D’CSV ass, an hirer Struktur wéi se de Moment besteet, mat den Ënnerorganisatiounen, de Sektiounen, dem Bezierkscomitéë a bis hin zum Nationalcomité an Nationalrot, gutt opgestallt a bitt vill Méiglechkeete fir matzeschaffen.

Allerdéngs feelt et tëscht den eenzelne Strukture mat Momenter u Kommunikatioun. Den Austausch zwëschen deenen eenzelnen Ënnerorganisatioune selwer a mat der Parteispëtzt soll méi regelméisseg a méi intensiv ginn.

Eng Méiglechkeet wier zum Beispill, dass déi resp. Bezierkspresidenten sech regelméisseg zesumme mat der Parteispëtzt gesinn.

Am Kontext vum dacks gefroten, méi intensive Kontakt tëscht Basis a Parteispëtzt stellt sech d’Fro op de wichtege Poste vum Generalsekretär net an der Zukunft méi misst opgewäert ginn.

Fir d’Memberen dann nach méi konkret anzebannen, kann een effektiv nach méi den Akzent op déi elektronesch Meenungsplattform setzen.

Déi klassesch Recherche vu Feedback bei eise Leit zu aktuelle Sujete solle mer awer net vernoléissegen. Politik gëtt och an Zukunft nach ëmmer vu Mënschen ënnereneen a beienee gemaach.

Mir sinn eng Partei wou vill diskutéiert gëtt an dat ass liewenswichteg. Mee de politeschen Discours muss nei relancéiert ginn an Themen – a Fachkongresser bidden eng weider Méiglechkeet dëst ze erreechen.

## 3. Prozeduren

All Discussioun muss kënnen zu engem Resultat, enger Konklusioun, jo esou guer zu enger Resolutioun féieren. Duerfir ass et wichteg dass mir eis eens si wéi dës kënnen deposéiert ginn.

All Grupp mécht dëst normalerweis am Kader vun hirer Ennerorganisatioun, oder awer och als Ensembel, dee sech op engem Fach- oder Themekongress fënnt. Et muss erlaabt sinn ee Pabeier anzereechen, deen awer nach soll duerch de Bezierks- resp. Nationalcomité goen, éier e kann op de jeeweilege Kongresser diskutéiert ginn.

Den CSV Südbezierk ënnersträicht, dass de System vun de Bezierksdelegéierten villen interesséierte Parteimemberen eng aktiv Participatioun erméiglecht, mécht awer och den Opruff un d'Sektiounen hire Quorum auszenotzen. Op dësem Wee ass et sécher, dass d'Sektiounen och ee Matsproocherecht hunn. De Bezierksdelegéierte soll valoriséiert ginn a seng Responsabilitéit muss méi an de Vierdergrond gestallt ginn. Hien huet eng politesch Aufgab.

## *4. Leadership*

D’Partei brauch eng Féierungsperséinlechkeet. Dës Persoun muss sech am Laf vun der Legislaturperiod eraus kristalliséieren. Bei der Aart a Weis wéi d’Partei virgeet fir d'Opstellen vun de Kandidateléschte ginn et eng Rei Méiglechkeeten.

Eng dovu wär: 1 Nationale Spëtzekandidat an 1 Spëtzekandidat pro Bezierk als Leader vun engem Kompetenzteam. Schonn am Virfeld vun enger Wahlperiod ass et wichteg, dass Kandidaten aus verschiddene Fachberäicher nominéiert gi mat deenen sech de Bierger identifizéiere kann. Déi definitiv Decisioun vum Waiseroot stellt CSV Süden net a Fro, wuel awer d'Auswiel vun de Kandidaten am Virfeld, wou all Ennerorganisatioun a Sektioun méi aktiv an d'Auswahlprozedur mat abezu soll ginn.

## *5. Zousaz*

D‘CSV Süden ass der Meenung dass a Saache Kommunikatioun no baussen nach Loft no uewen ass. Dës soll de liewegen Diskussioungeescht vun der Partei erëmspiggelen, gekoppelt mam Bild vun engem intakte staarke politesche Grupp.